

fir déi, déi nokucken. Et geet drëm, eng kloer Gestiou vum de Statsfinanzen ze kréien. Do muss jiddferee sech fügen! Ech hu mech gefügt!

Une voix.- Mä da sot näischt esou, wann Der...

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Ech hu probéiert all Saachen esou ze maache wéi d'Kontrollkommissioun dat wollt, an dann deet et mer wéi wann ech ëmmer den Ennertoun nach héiere wéi wann do eppes net richtig gelaf wier.

Une voix.- Vu wien dann? Vu wien dann?

(Brouhaha général)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Ech nennen hei keng Nimm. Ech wëll just drop opmierksam maachen, datt et wichteg ass, datt mer soen ...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

... wann eng Cour des Comptes intervenéiert bei eppes, dann ass dat eng administrativ Praxis an dann huet een ze kucke wéi dat geet an dann huet dat net wéi eng Sensatioun schonn dobausse bekannt gemaach ze ginn. Där Fall hate mer!

Wann e Contrôle financier Saache refuséiert an e Minister muss e „passer outre“ maachen, fir datt d'Leit hir Sue kréien, dann ass dat net, datt de Minister eppes falsch gemaach huet, mä dann huet e versicht, deen deen drënner geschiedegt gi wier, wann en dat eventuell net gemaach hätt, ze schützen, an alles dat gëtt ëmmer duergestallt wéi wann dat Onregelméissegkeete wieren. Mir sollen eis gutt an Uecht huelen! Eise Stat funktionéiert nach propper. An dofir solle mer dat och respektéieren.

Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech muss lech éierlech soen, wann een hei op d'Tribün kënnt, och als Member vun der Regierung, an et fënnt een, datt verschidde Leit Saache gesot hunn, déi ee bleséiert hunn, da soll ee Ross und Reiter nennen an net allgemeng bleiwen an hei maache wéi wann all Member heibanne mat perséinlechen Attacken operéiert hätt, oder wat weess ech.

Ech hunn hei eng Ried gehalen, déi war sachlech. Ech hu souguer Beispiller geliwwert wou mer versicht hunn als Opposition huet mat der Majoritéit Léisungen ze fanne fir Problemer, déi eigentlech menger Meenung no um Niveau vun der Regierung, vum zoustännege Minister éischter hätte misse geleist ginn, wéi datt d'Chamber déi Aarbecht huet misse maachen. Dat heescht, datt mer eng konstruktiv Approche haten.

An ech muss lech soen, Här President, wat awer elo wierklech fir mech dem Faass de Buedem ausgeschloen huet, dat ass wann all déi Leit, déi sech hei d'Méi gi fir bei den Établissements publics generell dofir ze suergen, datt mer do transparent Strukturen kréien, hei duergestallt gi wéi wa se un näischt aneschtens interesséiert wärend wéi de Stat ze blockéieren, de Stat onflexibel ze maachen, all Établissement-publicen ofzeschaffen an ech weess net wat nach alles. Dat ass net de Fall!

Weder den Här Krecké nach ech selwer hu jeemools an iergendenger Kommission verlaangt, d'Établissement-publicé missten ofgeschafft ginn. Dat Eenzegt, wat mer ëmmer gesot hunn, dat ass,

datt et sech bei den Établissements-publicen ëm Institutionen handelt, déi fir de Stat selbstverständlech flexibel schaffen, mä déi mat Milliarden öffentleche Gelder ëmginn, an dat Eenzegt, wat mir gären hätten, dat ass, datt mer do Transparenz an duerchsichteg Strukturen hunn an e gewëssene Contrôle besteet. Näischt anescht wéi dat hu mir bis elo verlaangt.

An, Madame Ministesch, wann et eng Rei Gesetzer gëtt, déi nun emol esou si wéi se sinn, da muss ech lech soen, dann ass et net esou, datt dës Chamber déi geschafen huet. Wa mer en Artikel 99 hunn, deen esou ausgeluecht ass wéi en ausgeluecht ass vun der Verfassung, a mir wëssen, datt verschidden Établissements publics géint deen Artikel 99 verstoussen, dann ass et net fir hei eropzekommen an deenen ze ënnerstellen, déi dorobber hiweisen, si wëllte per force fir alles bis an de leschten Detail den Artikel 99 uwenden an dofir de Stat blockéieren, mä dann ass et well déi Leit gären hätten, datt mer emol eng Kéier - an dat war de Wunsch an der Kommission, zumindest vun der Opposition - am Kader vun deem Gesetz hei diskutéiert hätten iwwert d'Applikatioun vum Artikel 99 an datt mer zum Beispill versicht hätten en ze preziséieren oder eis Méiglechkeeten ze ginn, ouni en natierlech ofzeschaffen, fir datt mer besser Exekutiounsprozedure kréien am Kontext mam Artikel 99.

An ech wëll lech soen, wat mech wierklech elo rose gemaach huet, dat ass, datt Der heihinner kommt a macht wéi wann d'Budgetskontrollkommissioun net um Ufank vun der Legislaturperiod lech eng Propos gemaach hätt wéi een hätt kënne hei weiderkommen. Dir sidd ganz am Ufank vun der Legislaturperiod eng Kéier mat Ärem Administrateur général an d'Kommissioun komm. Dir hutt eis eng Rei Proposé gemaach a wat fir eng Richtung, datt Der kéint denken an Zukunft am Kader vu Bauprojekten ze goen, an Dir hutt eis Modeller presentéiert wéi et an Däitschland an a Frankräich funktionéiert, an Dir hutt gesot ob et dann net méiglech wär zu Lëtzebuerg den Artikel 99, zumindest wat d'Exekutioun ubelaangt, esou auszeleeën, datt een ähnlech Modeller kënnt uwenden.

Do hu sämtlech Membere vun der Kommission, och déi vun der Opposition, gesot, si géinge sech esou enger Diskussioun net verschléissen, mä et wär awer schlussendlech net um Parlament fir der Regierung hir Aarbecht ze maachen, an d'Regierung sollt da selwer mat konkrete Proposé kommen, wéi een do um legislative Plang Ännerunge kéint virbréngen. Da wär d'Parlament sécherlech dee Leschten, deen net bereet wär - och d'Opposition - fir dofir ze suergen, datt mer hei Prezisiounen krite.

Et kann awer net sinn, datt Der fënnef Joer laang kee Millimeter weiderkomm sidd an Ärem Ministère an deem dote Beräich an datt Der eis hei virwerft, wa mir drop hiweisen, datt d'Gesetzgebung nun emol esou ass wéi se ass, an eis de Reproche macht wéi wa mir déi wärend, déi de Stat wëllte blockéieren! Madame Minister, dat ass net de Fall! Dir hutt deelweis Är Hausaufgaben net gemaach - dat muss ech lech ganz kloer soen - an deem dote Beräich, an dowéinst si mer op deem dote Punkt kee Millimeter weiderkomm.

Une voix.- Très bien!

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- An ech wëll lech och soen, wann Der hei behaupt, mir wärend déi Eenzegt, déi géinge behaupten, dass bei den Établissements publics alles wonnerbar géng fonctionnéieren, a mir géinge quasi op d'Beamte schéissen, da wëll ech lech soen, datt ee vun de wichtigste Wahlpräifsteng vun

der Hauptgewerkschaft vun der authenteschter Fonction publique nämlech ass dofir ze suergen, datt an Zukunft d'Établissement-publicen eng legal Basis kréien, e Kader kréien, datt och d'Beamten nach wësse wou se dru sinn.

Och d'CGFP verlaangt dat zimlech haart op der Tribün - sougutt am Novotel op hirer Conférence des comités huet se et verlaangt an och an hire Wahlpräifsteng steet et dran. Dofir wann ech gelift kommt dach net heihinner a macht wéi wann d'Opposition déi Eenzegt wärend, déi géinge verlaangen, datt mer bei den Établissements-publicé misste légiféréieren an e kloert Kadergesetz schaffen! Souguer déi meescht, déi an der Fonction publique tätég sinn, verlaangen et selwer. Mä wann ech gelift da macht Neel mat Käpp, mä macht net der Opposition hei Reprochen!

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Krecké freet och Parole après ministre.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Ech wëll mech de Wiederer vum Här Bausch uschléissen. Ech muss der Madame Ministesch soen, dass ech et enttäuschend fannen, wat Dir haut vu Prestatioun ginn hutt. Mir hunn lech eng fair Mataarbecht ugebueden, déi ganzen Zäit an där Kommission, an Dir kënnt lech iwwert déi Kommission an iwwer eis aner iwwerhaapt net bekloen! Dass Dir elo heihinner kommt an d'Saachen esou verdréint wéi Dir dat do gemaach hutt, ass fir mech inacceptabel. Dat mécht mech traureg.

Et kann een anscheinend vun der Opposition vis-à-vis vun engem Regierungsmitglied keng propper Zesummenaarbecht ubidden. Mir hu se ugebueden! Mir hu se fënnef Joer laang duerchgezunn! Mir hunn lech néierens opgehalen a mir hunn lech och net un de Pranger gehaangen, mä wat Dir hei gemaach hutt, déi Verdréiung vun den Tatsaachen, déi ass ganz schlemm, an Dir gitt hei dem Land nach just e Bild of wat lamentabel ass! Et deet mer Lead.

M. Lucien Weiler (*CSV*), *rapporteur*.- Här President!

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler!

Une voix.- Dat do geet awer net méi!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Lucien Weiler (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, ech wollt just eppes dozou soe wat den Här Krecké elo just gesot huet vum Verdréien hei.

Esou ass et net! D'Madame Minister huet eng Ried hei gehalen, wou se eng Rei vu Punkten, déi an hiren Ae Problemer duerstellen, opgeléicht a presentéiert huet. Op där anerer Säit huet se, wat dës Projet ubelaangt, expressis verbis d'Aarbecht vun deenen zwou Kommissiounen vun dëser Chamber ervirgestrach an déi Aarbecht gelueft, an et ass e Fait, datt se déi Propositionen vum Parlament alleguerten ugeholl huet, net bei enger hate mer Diskussiounen driwwer, dann därer een awer elo net heihinner kommen an eppes aneschtens behaupten. Hei gëtt wierklech d'Welt op de Kapp gestallt.

Déi Problemer, déi d'Madame Minister ugeschnidden huet, si Problemer, déi sech stellen an déi sech an hiren Aen akut stellen a wou ee muss drop agoen an déi sinn net vun all Riedner heibannen ugeschwat ginn. Et ass hiert

Recht an hir Aufgab fir Problemer unzeschneiden, déi sech stellen an op där anerer Säit ass déi Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass an deem Projet, zur Halschent vun der Regierung gemaach ginn. Déi aner Halschent si Propositionen vun deenen zwou Kommissiounen, vun Ärer Kommissioun a vun der Kommissioun vum Här Strotz an deementspriedend solle mer elo net gemeinsam déi Aarbecht hei, déi iwwregens am Fong vun alle Leit heibannen acceptéiert an ennerstrach ginn ass, schlecht maachen, andeems datt mer um Enn vun der Diskussioun hei elo a Polemike verfallen, déi net ubruecht si par rapport zu deem wat den Enjeu ass.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Diskussion ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dat virleidend Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm a 25 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wilseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helmingier (par M. John Schummer), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Emile Calmes), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel) et John Schummer.

A voté non: M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Aselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5315 iwwert d'Gesellschaft vun der Foire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Agedroe si schonn déi Häre Clement, Krecké, Greisen a Bausch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer. Här Schummer, et ass un lech.

10. 5315 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1er mars 1973 autorisant le Gouvernement à accorder la garantie de l'État et une aide financière au profit de la „Société des Foires Internationales de Luxembourg“, Société anonyme à Luxembourg

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. John Schummer (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5315 ännert d'Gesetz vum 1. März 1973, dat d'Regierung autoriséiert oder autoriséiert huet der Société anonyme „Société des Foires Internationales de Luxembourg“ eng Statsgarantie esou wéi eng Finanzhëllef ze ginn.

De Projet vun deem mer haut schwätze gouf den 19. März 2004 déposéiert. De Conseil d'État gouf den 8. März saiséiert an huet säin Avis den 20. Abrëll eraginn. D'Chambre des Employés privés huet hiren Avis de 25. März eraginn an de gemeinsamen Avis vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers ass vum 1. Abrëll. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre de Travail hunn hiren Avis den 9. Abrëll ofginn.

D'Chamberkommissioun vun der Économie, Énergie, Transport an der Post huet an hirer Sitzung vum 27. Abrëll mech zum Rapporteur genannt an och de Projet an déi verschidden Avisen examinéiert an de Rapport, deen Der virleien hutt, gouf de 6. Mee ugeholl.

An dësem Projet geet et drëm de Stat ze autoriséieren déi zwou Gesellschaften, à savoir d'Société des Foires Internationales de Luxembourg, ofgekierzt d'FIL, an d'Société immobilière du Parc des Expositions de Luxembourg, ofgekierzt SIPEL, bei der Restrukturatioun finanziell ze ënnerstëtzen. Dës Restrukturationsprojet huet zwee Voleten.

Deen éischte Volet ass eng nei Stratégie commerciale, dat heescht, den Développement vun der Aktivitéit „foires et salons spécialisés“, esou wéi d'Aktivitéit fir de grouss Public. An deem zweete Volet ass eng Verstärkung vun de finanzielle Mëttelen, fir déi zwou Gesellschaften duerch eng Augmentation de capital vun der FIL an duerch den Apurement vun hiren accumuléierte Scholde vis-à-vis vun der SIPEL, esou wéi de Remboursement anticipé vun engem Deel Bankscholde vun der SIPEL, an zwar déi duerch den externen Deelfinanzement vun hirem Immobiliebesëtz.

D'Regierung, fir hir Participation en capital vun der SIPEL ze verstärken a fir mam Fonds d'urbanisation de Kirchberg deenen eenzegen Aktionär ze ginn, keeft also éischens de Privataktionären aus der SIPEL, esou wéi zweetens der Spuerkeess an der Stad Lëtzebuerg hir Aktien op. De Montant vu 4.179.354 Euro couvriert den Akafswäert vun deenen Aktien, déi bis elo vun dem Grupp AR-BED-Arcelor, der Spuerkeess, der Dexia-BIL, der BGL, der KBL, der ING-Crédit Européen, der FIL an der Stad Lëtzebuerg gehale goufen. Esou gëtt de Staf majoritaire mat 66,41% an de Fonds de Kirchberg gëtt minoritaire mat 33,59%. Dës Transaktioun augmentéiert dem Stat seng Participatioun am Kapital vu 7.188.692 Euro op 11.368.046 Euro.

Et ass proposéiert, dass de Produit de vente an d'Kapital vun der FIL investéiert gëtt. Déi réciproque Engagementer tëschent Stat, FIL a SIPEL ginn duerch eng Konvention festgehalen. Ausserdeem gëtt eng Servitude zu Gonschte vum Stat an den Text ageschriwwen fir Infrastrukturen, wéi Eisebunn-schloss oder Stroossen-schloss, déi wäerten entstoen am Kader vum Raccordement vum Plateau Kierchbiereg un den Transport public.

D'SIPEL wäert och de Loyer fir d'FIL reduzéieren. Esou kann ausserdeem d'SIPEL seng Bankschulde substanzéiell ofbauen. De Maximum vu staatlecher Intervention ass op 5,8 Milliounen Euro limitéiert a ka mat Budgeté vum Joren 2005 bis 2008 étaléiert ginn. Esou Hëllef ginn och am Ausland vu staatlecher Säit un déi jeeweileg Foiren accordéiert.

Ze soe bleift nach, dass d'„corporate identity“ geännert huet an dass de Sigle FIL elo duerch LUXEXPO ersat ginn ass. D'Modifikatioun vun de Statuten ass awer eréischt fir de 14. Juli 2004, deen Datum wou d'Generalversammlung vun där Gesellschaft ass.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat fir dësé Projet, deen ech lech bieden ze stëmmen zum Wuel vun eiser Ekonomie, well mir brauchen e fir eis Lëtzebuurger Foire. Ech géng dann och heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Clement (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eist Land huet u sech eng relativ laang Foire-Traditioun. Et war ëm 1340, wou de Jang de Blannen déi éischt Foire organiséiert huet. Kenne mer allegueren: D'Schueberfouer. 1922 gouf du vun de Geschäftsleit eng Gesellschaft mam Numm Foire commerciale officielle du Luxembourg gegrënnt, de Virleefer vun där heiteger Foire Internationale de Luxembourg. An Zelter an a Stroosse selwer um Lampertsbiereg hu 642 Betriber hir Wueren duerno presentéiert. Dat éischt Gebai gouf 1935 um Lampertsbiereg gebaut. Dëst Gebai war awer du séier vill ze vill kleng a war och u sech wéineg funktionell.

Eng wichteg Décisioun gouf dunn 1974 getraff, nämlech de Bau vun den Ausstellungshalen um Kierchbiereg. 1976 war geprägt vun enger weiderer wichtiger Entschéedung. Déi multisektoriell Foire gouf an zwee gespléckt, d'Fréijoersfoire an d'Hierschfoire. Dat huet der Foire erméiglecht hir Ausstellungscapaciteit praktesch ze verduebelen.

Och koumen ëmmer méi speziell Foiren op. Haut kenne mer där eng ganz Rëtsch. Ech nennen hei nëmmen e puer Stéck: d'Foire de l'étudiant, d'Vakanzefoire, d'Burautec oder d'Ökofoire.

Et gouf awer och festgestallt, dass dem Grand-Duché e Kongresszentrum feelt. Dofir goufen uganks den 90er Joren d'Foreshalen ëmgebaut a besonnesch gouf op der Ost-Entrée e schéine Kongresszentrum gebaut.

Déi heiteg LUXEXPO ass duerch impressionnant Zuele charakteriséiert. Eng Gesamtfläch vun 105.000 m², siwen iwwerdeckten Hale mat enger Ausstellungsfläch vun 33.000 m², e Parking vun 2.500 Plazen, en Openair-Terrain vun 10.000 m², wou dann och nach kann zousätzlech ausgestallt ginn an déi nei Konferenzräim, déi ech schonn ugeschwat hunn.

Dat sinn, Dir Dammen an Dir Hären, u sech d'Ausstellungshalen um Kierchbiereg. Eng Infrastruktur, déi sech fir ganz verschidde Manifestatiounen notze léisst, eng Infrastruktur fir de Besoiné vum de Lëtzebuurger Economie entgéintzekommen. D'LUXEXPO mécht awer net alles selwer. Si huet dofir Concessionnaires, deene bestëmmten Aarbechten iwwerdroe goufen.

Här President, wann d'Regierung haut hei an d'Chamber kënnt fir d'Erlaabnis ze kréien hire Beitrag zur finanzieller Sanéierung vun de Foiresgesellschaften genehmegt ze kréien, da virun allem well d'Regierung dovun iwwerzeegt ass, datt d'Foire, oder d'LUXEXPO, wéi se sech elo nennt, vun engem ganz groussen Intérêt fir d'Lëtzebuurger Land ass.

Fir dës Fro awer ze beäntweren, wëll ech nach eng Kéier an d'Geschicht kucken. 1970, wéi den Débat ugelaft ass, ob déi nei Ausstellungshalen um Kierchbiereg gebaut gi sollen, waren net all Leit derfir. De Statsrot hat zum Beispill a sengem Avis geschriwwen: „Au sentiment du Conseil d'État des charges aussi lourdes et susceptibles de majorations imprévisibles sont excessives pour une réalisation dont l'utilité économique est limitée et l'urgence largement contestable. Mais quelles que soient les décisions qui s'imposent un jour au choix, on ne saurait que très difficilement opter pour celles qui imposeront à la collectivité des charges disproportionnées avec l'intérêt économique en jeu.“

Déi Verantwortlech vun der Foire internationale hunn do awer am Laf vun de Jore bewisen, datt dat net onbedéngt de Fall ass. Si hunn de Standuert Lëtzebuerg bekannt gemaach am Groussraum SaarLorLux fir eng ganz Rei vun Organisatiounen vun Ausstellungen. Ech mengen esou Ausstellungen, besonnesch déi zwou Haaptausstellungen vum Fréijoer a vum Hierscht, spigelen och e bësselchen d'Konsumgewunnechte vu Lëtzebuerg erëm an erlaben et eise Betriber do am Verglach mat anere Betriber hir Wueren unzëbiden, och fir ze kucken, wou se sech um Marché situéieren, fir bei engem méi grouse Choix kënnen hir Aarbechtmethoden ze verbesseren. Si kënnen Investissementer virhuelen an hunn eng grouss Palett vun Offerten, déi se dann och op esou enger Foire gewise kréien.

Wéi wichteg d'Foire ginn ass, weist och, dass Statsverwaltung, Ministären, Établissements publics an och eenzel Gemenge mëttlerweil Stänn do hunn, fir esou un de grand public erunzekommen. Dat heescht, och de Stat an d'öffentlech Hand hunn et verstanen, datt et en excellenté Moyen derfir ass, fir de Leit am Land méi no ze kommen.

Här President, et kann ee sech awer elo an Zäite vum Internet d'Fro stellen, ob et iwwerhaupt nach zäitgeméis ass fir an Infrastrukture wéi d'Foire ze investéieren. Ass et net fir eenzel Konsumenten oder Produzenten méi einfach iwwer eng virtuell Foire ze surfen, an dat net nëmmen zu engem bestëmmten Zäitpunkt, wou grad Foire ass, mä dat kann een u sech d'ganz Joer duerch maachen? Mir als CSV-Fraktioun gënn dat just als e gudden an och wichtige Complément zu esou enger Foire, stinn awer weiderhin zum Konzept vun der net virtueller Foire. D'Internet kann dat alles net ersetzen. D'Ambiance vun der Foire an de perséinleche Kontakt zum Client kann een net domadder ersetzen.

Här President, am Ufank war ech op d'Vergaangenheet vum Foireswiesen hei zu Lëtzebuerg agangen. Ech si mer sécher, datt 2004 e weider wichteg Joer fir d'Foiresgesellschaft duerstelle wäert. Fir d'éischt huet se da wéi

scho gesot en neien Numm kritt, aus der Ofkierzung FIL gëtt LUXEXPO, wat och vläicht méi daitlech a besser ze vermaarten ass am Kontext vun den Ausstellungen.

Och soll mat deem heitege Projet de loi décidéiert ginn déi Gesellschaften, déi un eiser Foire drunhänken, finanziell ze sanéieren. Dat huet sech lues a lues ofgezechent. De Statsrot war 1990 scho ganz retizent an huet deemools och scho ganz staark Zweifel ugemellt, wat dee finanziellen Aspekt ubelaangt. De Statsrot huet déi Zäit nämlech geschriwwen: „Le Conseil d'État ne s'attend pas à voir les nouvelles sociétés atteindre un équilibre financier à brève échéance, l'organisation de foires commerciales risquant d'être une opération peu rentable en elle-même.“

Vläicht, well deemools scho bekannt war oder erkannt ginn ass, datt et schwéier fir d'Immobiliegesellschaft wier, fir schwaarz Zuelen ze schreiwen, gouf deemools schonn eng steierpolitesch Klausel an d'Gesetz ageschriwwen. D'Immobiliegesellschaft gouf nämlech vun alle Steiere befreit ausser der Kierperschaftssteuer op de verdeelte Benefisser.

Mat dësem Projet de loi gëtt d'Regierung elo autoriséiert d'Parten un der Immobiliegesellschaft SIPEL vun de privaten Aktionären Arcelor, Dexia-BIL, BGL, KBL an ING, sou wéi vun de Foires internationales de Luxembourg an och déi vun der Spuerkeess an der Stad Lëtzebuerg ze kafen. Duerch gëtt de Lëtzebuurger Stat mat - wéi de Rapporteur scho gesot huet - 66,41% majoritaires Aktionär. Et ass och eng Dépense vu bal 4,2 Milliounen Euro.

Nieft dem Stat gëtt et an der Immobiliegesellschaft nach en Aktionär, nämlech e Minoritéitsaktionär, de Fonds de Kirchberg. De Fonds de Kirchberg huet ufanks vun den 90er Jore keng Sue vum Stat kritt fir sech bei dëser Immobiliegesellschaft anzekafen. Am Contraire, dat Geld, wat e selwer erwirtschaft huet, huet en op eng, op d'mannst fir déi Zäit - géif ech soen -, vernünfteg Aart a Weis an d'Immobiliegesellschaft vun der Foiresgesellschaft reinvestéiert. Domadder ass de Fonds de Kirchberg senger Aufgab zum allgemengen Aménagement vun dësem Plateau nokomm. Dat war och 1990 beim Vote iwwert dat lescht FIL-Gesetz net ëmstridden.

Haut awer hu mir aner Erkenntnisser an zum Deel och eng aner Meinung. An der Comexbu ware mer der Meinung, datt de Fuak fir esou eng Participation financière iwwert d'Gesetz misst autoriséiert ginn. Dat hätt ee kënnen maache mat engem Saz - an et ass d'éinescht schonn ugeklongen - beim Gesetz iwwert de Fonds de Kirchberg. Et hätt een dat kënnen maachen. Dat ass awer net geschitt.

Dofir solle mer, Här President, an der nächster Legislaturperiod trotzdeem déi Etablissementer festleeën, wou mer dann och mengen, dass iwwerhaupt eng Participation financière an iergendengem Mooss erwünscht wier, an da muss dat och an déi jeeweileg Gesetz ageschriwwen ginn.

Mat dësem Projet de loi kritt de Stat dernieft eng Servitude zu senger Gonschte guttgeschriwwen, fir déi néideg Terrainen ze hunn, fir d'Foireshalen adequat un déi nei Zuchlinn Gare-Findel-Kierchbiereg-Dummeldeng unzeschleissen. De Stat bezitt dofir awer och d'Bankschulde vun der Immobiliegesellschaft an der Héicht vu maximal 5,8 Milliounen Euro. Doduerch ass et der Immobiliegesellschaft méiglech de Loyer, deen d'Foiresgesellschaft un d'Immobiliegesellschaft bezuele muss, drastesch

erofzesetzen. Elei raus kritt d'Foiresgesellschaft besser Konditiounen a Loyerschargen, déi elo mat deene vun anere Foiresgesellschaften aus dem Ausland ze vergläiche sinn.

Op déi weider Detailler vun der Finanztransaktioun ginn ech elo net méi weider an. Dat huet de Rapporteur, den Här John Schummer, deem ech vun dëser Plaz aus villmools merci soe fir säi mëndlechen an och schrëftleche Rapport, scho gemaach.

Déi nei Strategie vun der Foiresgesellschaft besteet u sech doranner, fir déi grouss Foiren, wéi d'Hierscht - an d'Fréijoersfoire bäizebehalen, awer nach méi speziell Foiré fir bestëmmte Branchen ze organiséieren.

Här President, d'CSV-Fraktioun kann dësé Projet de loi zur finanzieller Sanéierung vun eiser Foiresgesellschaft nëmme begreissen. Nëmme esou ass d'Iwwerlieue vun enger Konkurrenzfähiger LUXEXPO geséichert oder hoffentlech geséichert ginn. Mat dësem Gesetz droe mir och zur Konkurrenzfähigkeit vu Lëtzebuerg bäi a setzen domadder an dësé méi schwierigen Zäite sécherlech e ganz wichteg Signal fir eis Ekonomie hei zu Lëtzebuerg. Dofir, Här President, huet d'CSV-Fraktioun och kee Problem dëst Gesetz ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, iwwert déi Infrastruktur an hir Noutwendegkeet, mengen ech, brauche mer net laang Wieder ze verléieren. No deem, wat de Rapporteur gesot huet, ass de wirtschaftlechen Interesse fir eis evident. Ech muss soen, dass déi Strategie, déi elo gewielt ginn ass vun der Foiresgesellschaft, eng ass, déi net elo direkt mam Parlament beschwat ginn ass. Et ass och vläicht net säi Rôle fir dat ze maachen, mä et wier vläicht a rouege Gewässer, wa mer just net viru Wahle stinn, noutwendeg, dass een eng Kéier vläicht dat Ganz nach eng Kéier hannerfreet an och eppes aneres hannerfreet.

Ech weess nämlech net, wat de leschte Stand ass, Här Minister, iwwert d'Noutwendegkeet fir gegebenefalls d'Foiresinfrastruktur mol eng Kéier op eng aner Plaz ze setzen. Dat ass eng Diskussioun oder eng Rumeur, déi ëmmer erëm opkënn a wou een nawell gär zumindest Är Positioun an Är Vuen zu dësem Zäitpunkt géng héieren.

Dat Eenzezt, wat een huet, Här President, dat ass e bëssen d'Erstaunen, dass mer awer hei e staarke Redressement musse virhuelen, fir eng Situatioun, déi sech degradéiert huet. D'Fro ass, déi jiddferee sech gestallt huet, op alle Fall mir: Wéisou huet dat esou laang gedauert bis mer evident strukturell Mängel, déi an deem Ganze waren, - an ouni datt ech iergendengem e Virwurf wëll maachen - behuewen hunn an dass mer et dozou komme gelooss hunn?

Mir hoffe just, dass déi Leit, déi elo déi Foiresgesellschaft do féieren, wëssen, dass se hei e staarken Zouschoss kritt hu vu Steiergelder an dass se mussen wëssen, wéi se mat deene Steiergelder ëmginn an dass och wahrscheinlech gegebenefalls muer eng Chamber sech d'Recht hält, fir iwwert d'Cour des Comptes vläicht mol eng Kéier nokontrolléieren ze loossen, wéi den Émgank mat deene Gelder war. Well esou eppes, wéi eis bericht ginn ass oder wéi an de Schlagzeilen - net déi heiteg Führung, mä déi Führung virdrun - mat Momenter vun der Press héichgeholl ginn ass,

ouni dass ee richteg Explikatiounen awer dofir konnt kréien, mengen ech, dierft net nach eng Kéier virkommen.

Dofir, déi Foiresgesellschaft muss wëssen, déi Steiergelder do, déi bewëllege mir hir, mä si muss wëssen, dass et Steiergelder sinn an dass se deementspriedend mat hinnen ëmzegoen huet. Fir de Rescht wënsche mir där Infrastruktur an där Gesellschaft, déi dat Ganzt gëréiert, e Succès, well et ass och e Succès an deem Moment fir eis Ekonomie.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet iwwert dee mer hei schwätzen, fir d'Sanéierung vun der Foiresgesellschaft, ass hei schonn am Detail virgestallt ginn, esou datt ech net méi brauch dorobber anzegoen. Mir wësse jo, dass mat dësem Projet déi zwou Gesellschaften ëmstrukturéiert ginn: déi éischt, déi d'Ausstellungen organiséiert an d'Hale verwalt, an déi zweet ass d'Immobiliegesellschaft.

Elo erhéicht de Stat säin Undeel un der Immobiliegesellschaft duerch de Kaf vun den Undeeler vun den heitege Privataktionären, dat ass grosso modo d'ARBED, grouss Banken an d'Gemeng Lëtzebuerg. Domat sinn da ronn zwee Drëttel an den Hänn vum Stat an een Drëttel an den Hänn vum Fong Kierchbiereg. Dat Ganzt geschitt zum Präis vu ronn 4,2 Milliounen Euro. Dës Sue sollen an d'Kapital vun der Ausstellungs-gesellschaft zrëck investéiert gi fir se ze sanéieren; eng Konvention soll dat nach fir d'éischt festhalen.

Weider ass virgesinn, dass de Loyer, deen d'Ausstellungsgesellschaft un d'Immobiliegesellschaft bezuelt, méi kleng festgesat gëtt an dass Scholden ausgeglach ginn. Et geet also riicht eraus gesot dorëm, datt de Stat Scholde vu schlechter Gestiou a Feelverhale vun der viregter Verwaltung iwwerhëlt.

Eng Fro stellt sech do, an déi hunn ech och an der zoustänneger Kommissioun gestallt: Ass dann elo garantéiert, dass déiselwech Verwaltung, wuel mat enger neier Direktioun, elo keng nei Lächer méi mécht? Och op meng Fro hin, wéi gesot an der Kommissioun, hunn ech dorop keng Äntwert kritt. Kee konnt mer versécheren, dass d'Gestioun elo besser kontrolléiert gëtt an dass kee finanziell Lach méi méiglech ass. Et läit och kee Geschäftsplang vir, - op alle Fall hunn ech dat gesot kritt - obscho vun neier kommerzieller Ausrichtung geschwat gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Tatsaach dréit net dozou bäi, dat Mësstrauen, dat d'Leit an d'Regierung hunn, e bëssen ofzeschaffen. Mir hu keng Detailler kritt iwwert d'Zukunft vun der Ausstellungs-gesellschaft. Mir hu keng Garantie kritt, dass et mat dësen Ännerungen an neie Steiersuen elo duegeet eng Infrastruktur ze gëréieren, déi mer brauche fir eis Wirtschaft a fir eist Land.

Den ADR ass der Iwwerzeegung, dass mer esou eng Infrastruktur an esou eng Organisatioun, fir Ausstellungen ze organiséieren, brauchen. Den ADR ass och averstanen, dass de Stat dëst am Intérêt vun eiser Wirtschaft finanziell ënnerstëtzt. Aus deene Grënn wäert den ADR dës Hëllef elo hei och matstëmmen, trotz de virgenannte Bedenken.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

M. François Bausch (DÉI GRENG). - Här President, fir déi vill

Zäit, déi mer schonn hannendra sinn, opzehuelen, wëll ech et kuerz maachen. Ech mengen, ech wëll mech deem uschlëissen, wat de Jeannot Krecké gesot huet, an eigentlech dofir net méi alles widderhuelen an einfach soen, datt mir hei den Accord bréngé vun eiser Fraktioun fir dee Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Économie*.- Här President, am Numm vun der Regierung wollt ech allen Intervenantë merci soe fir hir Stellungnahmen zu deem Projet, dee jo eigentlech en einfache Projet ass, mä dee komplex ausgesäit.

Hei geet et net primär ëm d'finanziell Gesënnung vun der Foiresgesellschaft, mä ëm d'Immobiliegesellschaft, déi déi Immobilien un d'Foiresgesellschaft verlount. Sou kann een och net der Regierung e Virwurf maachen iwwer Gestionsproblemer, déi bei der Foiresgesellschaft bestanen hätten.

Däerf ech just rappeléieren, dass deemools 1990, wéi dee Modell operéiert ginn ass vun enger Société immobilière an enger Société d'exploitation, e Businessplang ausgeschafft gi war, dee virgesinn huet, dass Compte tenu vun der Mise vun den Aktionären, dee Loyer, deem à charge vun der Foiresgesellschaft gefrot ginn ass, tragbar wier, an dee war och während enger Rei Joren tragbar, mä duerno haten d'Rahmbedingungen vun der Exploitation vun enger Foire geännert an dee Loyer war net méi tragbar, et hu sech Perten accumuléiert an d'Foiresgesellschaft huet sech Joer fir Joer missen d'Fro stellen, ob se hir Aktivitéite géif weiderféieren oder net.

Am leschte Joer kouw et dann zu nach enger méi tragescher Situation an deem Mooss, wou d'Foiresgesellschaft - net méi d'Exploitationgesellschaft - net méi Liquiditéite genuch hat fir de Loyer un d'Immobiliegesellschaft ze bezuelen an domadder d'Immobiliegesellschaft net an der Lag war hir Engagementer vis-à-vis vun de Banken ze honoréieren.

Mir hunn duerno, well mer iwwert déi Situation informéiert gi sinn, gekuckt wat fir ee Modell ee kënt en place setzen, ouni awer de Stat ze vill ze engagéieren. An de Modell, dee mer gewielt hunn, ass eben deen, dee mer haut der Chamber virschloen. Dat ass e Modell wou mir de Privataktionären, plus deenen anere méi oder weéneger staatlechen Aktionären en dehors vum Fonds de Kirchberg, hir Aktien ofkafen, déi sech awer gläichzäiteg engagéieren, fir déi Suen ze gebrauché plus nach eng zousätzlech Moyenen, déi se an eng Augmentation de capital vun der Exploitationgesellschaft stiechen, fir déi Gesellschaft ze renflouéieren.

Wann dat dann no Ofschloss vun all deenen Operatioune geschitt ass, kann och d'Exploitationgesellschaft hir Scholde vis-à-vis vun der SIPEL honoréieren an d'Immobiliegesellschaft kann hir Prête remboursséieren. Dat ass de Volet financier vun deem Projet.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Firwat ass net dru geduecht ginn, fir eventuell vläicht eng Bank derbäi ze behalen, oder de Stat ganz eleng, mä fir de Fong erauszehuelen. Dir sot selwer, dass Institutiounen, déi trotzdeem dem Stat no stinn, erausginn. Firwat ass déi Operatioun net mam Fonds d'urbanisation de Kirchberg gemaach ginn, wou een awer net richteg gesäit, firwat deen eng Participatioun an esou enger Gesellschaft soll hunn?

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Économie*.- Här President, et hätt een effektiv och nach kënnen higoen an et hätt een an der SIPEL

och de Fonds de Kirchberg erauskaf, dat wier da beim Stat eigentlech eng Operatioun gewiescht, wou een aus der lénkscher Täsch an déi riets Täsch Sue gestach hätt, well dat ass jo awer bal Speck a Schwéngefleesch, wien do operéiert. Et wier eigentlech drop erauskomm, dass een dem Fonds de Kirchberg, iwwer budgetär Méttel, zousätzlech Liquiditéiten zur Verfügung gestallt hätt.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Mir hunn et bei anere gemaach.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Économie*.- Jo, mä dat hei ass e Choix - an ech gi gären zou, Här President -, fir deen ech mat verantwortlech sinn.

Ech war net der Meenung, dass een och nach misst e puer Milliounen Euro an de Fonds de Kirchberg zousätzlech stiechen. Ech ka mer awer virstellen, an näischt empéchéiert eng nächst Regierung, wann zum Beispill de Fonds de Kirchberg fir Infrastrukturaarbechten, déi e muss realiséieren, statt e Prêt opzehuelen, dass d'Regierung seet: Statt e Prêt ze cautionnéieren, kafe mer lech elo zousätzlech déi Aktien aus dem Fong eraus. Et kann ee sech da souguer virstellen, dass d'Gesellschaft SIPEL opgeléist gëtt an dass dat dann e Gebai ass, wéi de Stat vill Gebaier huet, dat dann der Foiresgesellschaft verlount oder zur Verfügung gestallt gëtt.

Dee Loyer, dee mir elo kréien, ass e Loyer, dee supportabel ass fir d'Exploitationgesellschaft no deem Businessplang, dee si sech selwer ginn huet. Deen entsprécht deem, wat déi Verantwortlech vun der Exploitationgesellschaft mengen, wat an hire finanzielle Méiglechkeete wier, an dofir wollt ech op eng Fro vum Här Krecké zrëckkommen.

D'Foiresgesellschaft, also d'LUX-EXPO huet selbstverständlech eng Strategie, déi och vum Conseil d'administration ofge-seent ass an, obschonn de Stat do näischt ze soen huet, mä wann d'Chamber déi Verantwortlech vun der LUXEXPO invitéiert fir an eng Kommissioun ze komme fir do d'Strategie, déi se wëllen an der Zukunft féieren, ze exposéieren, dann ass do - huelen ech un - kee Problem vu Säite vun der Verantwortleche vun der Foiresgesellschaft. Sollt e Problem sinn, géif ech mat hëllefen, se drun ze erënnere, dass se awer och vis-à-vis vun der Chamber eng Rei, wéi soll ech soen, op d'mannst moralesch Verpflichtungen hätten.

Wat den Emplacement ugeet, sou sinn do ganz vill Propositione gemaach ginn. Et goufe Leit, déi gemengt hunn, et kéint een d'Foire op d'Frichen an de Süde vum Land transplantéieren. Et goufe Leit, déi der Meenung waren, et kéint ee se iergendwou am Émfeld vum Flughafen usiedelen, fir dann deen Terrain do um Kierchbiereg fräi ze maache fir aner Immobilieprojeten. Et sinn der souguer esou wäit gaangen, dass se sech vu Consultants Etüde maache gelooss hunn, wat dann déi Emphytéose, dee Bail emphytéotique, wat deen iwwert déi Lafzäit, wou en nach gültig ass, wat dee wäert wär, fir ze kucken ob een dann net kéint dorausser dann déi Méttel huelen, fir eng nei Foire ze bauen.

Ech muss lech soen: Eng Foire, esou wéi se elo funktionéiert, wéi se an Zukunft nach méi soll funktionéieren, ass och ofhängeg vun enger Rei vun Infrastrukturen. Dat eent ass eng Transportinfrastruktur. Do wou d'Foire läit muss den öffentliche Transport optimal kënnen organiséiert ginn. An do derniewent brauch een awer och eng Infrastructure hôtelière, fir déi Leit, fir déi Expositanten an esou weider ënnerdaach ze bréngen.

Et kann een also déi Foire net egal wuer setzen. Dofir hunn ech gemengt, dass en Emplacement am Süde vum Land op de Frichen géif

ausscheeden. Deen um Flughafen huet mer och net adequat geschéngt, well mer do schonn e bëssen enk sinn, an 10 Hektar fir eng Foire oder esou kritt een do net lassgeschloen.

Vläicht kann een eng Kéier an der Zukunft, wann déi Foire iergendwann eng Kéier muss modifizéiert ginn, well mer do de Raccord maache vum Ferroviaire an där Géigend - et ass jo e Bestanddeel vun deem Projet -, dass een da vläicht kann driwwer nodenken, deemno wéi de Süde vun der Stad Lëtzebuerg sech entwéckelt an deemno och wéi do öffentliche Transport kann organiséiert ginn, wat elo nach net méiglech ass, mä wéi dee kéint organiséiert ginn, dass een eng Localisation do géif virgesinn. Mä ech mengen awer, déi Infrastrukturen, déi elo do sinn, leie gutt do an et ass am Moment keen Handlungsbedarf fir dat ze änneren, och wann eenzel Esthete mengen, dass baulech déi Foire net onbedéngt ideal ass, am Verglach zu all deenen architektonesche Bijouen, déi zum Deel um Kierchbiereg stinn.

Här President, ech wollt dat op déi puer Froe geäntwert hunn. Déi lescht Fro vum Här Krecké war déi: Firwat ass et zu där finanzieller Situation komm? Et ass dozou komm, well dee Businessplang, deen an den 90er Joren opgestallt ginn ass, net geklappt huet. Dobäi koumen och nach eng Rei Gestionsproblemer, déi jo an der Tëschenzäit eng Léisung fonnt hunn.

Den Här Greisen, Här President, huet gefrot: Gëtt et eng Garantie fir d'Zukunft? Ech hu Vertrauen, Här President, an déi aktuell Responsabel, an de Management vu LUXEXPO. Ech sinn der Meenung, dass dee Businessplang, dee se virgeluecht huet, eng zolidd Basis ass fir d'Zukunft. Eng Garantie awer, Här President, kann een a kengem Geschäft, a besonnesch net am Ausstellungsgeschäft ginn.

Ech soen der Chamber, Här President, awer merci fir déi breet Zoustëmmung zu deem Projet, dee weinstens à moyen terme d'Zukunft vun der LUXEXPO ofséchert.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss. D'Lecture an de Vote vum Projet de loi sinn an der Sitzung vu mar, den 12. Mee.

Mir kommen dann elo zur Diskussion vum Projet de loi 5256 iwwert d'Verkéiersregelung op den öffentliche Weeër. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Hären Haupt, Zanussi a Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gusty Graas.

11. 5256 - Projet de loi modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. Gusty Graas (*DP*), rapporteur.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, bei deem heite Gesetzesprojet geet et drëm, fir verschidden Ännerungen un der Réglementation vum Verkéier op allen öffentliche Stroosse virzehuelen. An der Regierungserklärung vum 12. August 1999 war zrëckbehalte ginn, datt d'Regierung géing versiche fir déi administrativ Contrainten, wat déi technesch Kontrollen ubelaangt, vun

alle Gefierer op eise Stroossen ze erliichteren.

Dese Projet dréit deem elo Rechnung. An zwar gesäit e vir, datt fir Autoen, Voitures commerciales, Véhicules utilitaires a Motorieder no enger éischter Immatriculation den traditionellen technesch Contrôle u sech duerch en einfache Contrôle elo ersat gëtt. Dat gëtt méiglech duerch d'Existenz vun engem sou genannte Certificat de conformité, eng Zort vu Garantie. E Certificat, deen de Constructeur bei all Gefier, dat op de gemeinsame Maart erauskënn, dann och muss bäileen.

Beim Changement vum Propriétaire vun engem Auto brauch een dann, wéi gesot, och net duerch de Contrôle, virausgesat allerdéngs, datt de Kontrollcertificat nach ëmmer gültig ass. Allerdéngs muss an deem Fall dann den neie Propriétaire op eng Spezialkontroll verzichten, ier d'Occasion géif réimmatriculéiert ginn.

An da muss een och nach an deem Text soen, datt déi historesch Autoen, déi virun dem 1. Januar 1950, net an d'Kontroll brauchen. D'Lëtzebuerger Oldtimerfédération huet sech iwwregens och zefridde mat deser Entscheidung gewisen.

An da wëll ech awer och nach hei ënnersträichen, datt déi Kontrolle selbstverständlech och musse vu vereedegten Agente virgeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en anere wichtege Punkt vun deem Gesetz ass u sech d'Verstäerkung vun der gesetzlecher Basis fir kënnen EU-Direktiven ëmzesetzen, wat d'Réception vun Autoen ubelaangt. Dës Direktive ginn an d'nationaalt Recht iwwert de Wee vu groussherzogleche Reglementer transposéiert.

An da wëll ech och hei ënnersträichen, datt den technesch Contrôle fir Trakteren agefouert gëtt, déi méi séier wéi 40 km an der Stonn fuere kënnen. Wéi bei den Autoe mussen dann elo och déi Trakteren all dräi an halleft Joer an d'Kontroll an duerno all Joer. Datselwecht géllt och fir déi Trakteren, déi zwar net mat 40 fuere kënnen, mä déi awer eng oder méi landwirtschaftlech Remorquen nozielen, an dann awer och méi wéi mat 25 wëlle fuere. Dat kléngt elo e bësselche komplizéiert, mä wann een dat nach eng Kéier duerchliest, dann ass dat awer licht ze verstoen. An där Hypothees muss jiddefalls awer och nëmmen de Trakter an d'Kontroll, an net d'Remorque. Ech wëll dann och drop hiweisen, datt déi fir d'éischte Kéier no dräi an engem hallwe Joer erëm eng Kéier mussen an d'Kontroll goen, an duerno all zwee Joer.

D'Chambre d'Agriculture ënnersträicht - menger Meenung no och zu Recht - an deem Kontext, datt déi Kontrolle solle wa méiglech tëschent November a Februar stattfannen, fir datt se bei der Exploitation net géingen ze vill handicapéiert ginn. Dofir soll een och fir déi Remarquen e gewëssend Verständnis opbréngen.

Da gëtt och d'Stroossekontroll fir déi sou genannte Véhicules utilitaires, déi an der Europäescher Union zirkuléieren, agefouert. Dës Kontrolle gi vun agréierten technesch Kontrollorganer zesumme mat de Leit vun der Douane virgeholl. An dat erlaabt eben och Lëtzebuerg fir auslännesch Schwéiertransporter unzehalen, fir kënnen eng technesch Kontroll ze maachen. Gegebenenfalls kann dann och de Camion octroyéiert kréien op déi nächst Kontrollstation ze fuere, fir datt eng komplett Ennersichung gemaach gëtt. Oder e kann awer och verbuede kréien, fir nach weiderzufuere. D'Leit vun der Douane daerfen d'Camionen unhalen an deementspreechend dann och d'Transportdokumenter kontrol-

léieren, während d'Kontrollagenten d'Gefierer op hir technesch Conformitéit ënnersichen.

An deem Kontext erlaben ech mer als Rapporteur awer trotzdeem d'Fro ze stellen, ob een net kéint d'Kompetenze vun den Douanieren an Zukunft ausweiden, andeems datt se d'Méiglechkeet krite fir och en Avertissement taxé auszustellen, wann eng Infraction géint d'Transportlégislation, wat den technesch Equipement an d'Bordpabeieren ubelaangt, virläit.

Här President, den drëtten Volet vun deem Gesetz betrëfft dann d'Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen. Hei ass besonnesch vläicht wichteg, datt d'Gemengeresponsabel dat fréizäiteg matgedeelt kréien, well d'Gemenge bleiwen natierlech zoustänneg wat d'Réglementation op de Vicinalweeën an de Statsstroossen ugeet, souwäit dat natierlech innerhalb vun den Agglomérationen ass. Ausserhalb vun den Dierfer an de Stied bleift natierlech de Stat dann awer kompetent. D'Réglementation geschitt iwwer e groussherzoglecht Règlement, sauf wann d'Bestëmmungen net méi wéi dräi Méint Dauer hunn. An deem Fall geet e gemeinsam Règlement duer, vum Transportminister a vum Bauminister.

Zefridde wäerten d'Gemengen awer virun allem sinn, wa se Règlements temporaires huelen oder, wéi och gesot gëtt, Règlements d'urgence, wou den Effet net méi wéi 72 Stonnen huet, datt dat net muss nodréiglech erëm vum Conseil communal approuvéiert ginn.

E leschte Punkt betrëfft dann den Dateschutz, e ganz wichtegt Element och vun deem Projet de loi, an zwar geet et doréms, fir eng Base légale ze schafen, wat déi gerichtlich Décisioun an déi medezinesch Informatioun a Relation mam Führerschäin ubelaangt, an d'Société nationale du contrôle technique ass jo duerch d'Gesetz vum 30. Juli 2002 mat engem Deel vun der administrativer Gestiou vun de Führerschäiner beoptraagt ginn, an och mat der Gestiou vun der Immatriculation vun den Autoen. D'SNCT kann ee wéi gesot als e Sous-traitant vun Transportministère ugesinn, wat dann eben och d'Notze vun deene perséinlechen Donnéeën betrëfft.

De Conseil d'État hat a sengem éischten Avis vum 30. Mäerz 2004 zwou Oppositions formelles an eng Rei Undrohungen op Opposition-formellé virgeluecht, deenen d'Regierung allerdéngs an hirem adaptéierten Text du Rechnung gedroen huet. Et ass virun allem awer och ëm den Artikel 4 gaangen, wat den Agrément vun de sou genannten Ateliers de transformation ubelaangt. De Statsrot war u sech net domat d'accord, dass d'Modalitéite wat den Agrément ubelaangt géingen iwwert de Wee vu groussherzogleche Reglementer kënnen fixéiert ginn. Dofir ass elo am Gesetz spezifizéiert ënnert wéi enge Konditionen een deesen Agrément kréie kann.

Ech wëll elo net ze vill an den Detail goen, dat kann ee jo am Gesetz noliessen, mä ënner anerem soll gesot ginn, dass een zum Beispill e System vun enger Assurance-qualité muss virweisen iwwert d'Qualifikatioun vu sengem Personal, dann natierlech och wat d'Impartialitéit am Kader vun de Kontrollaktivitéiten ubelaangt oder den Archivage. Zousätzlech muss een dann awer mindestens dräi Kontrollzentren hunn, an zwar mussen déi an esou engem Rayon leien, dass d'Convocation fir d'Clients - fir dat emol esou ze soen - net méi wéi 30 km daerf sinn.

Och d'Kritäre fir d'Formatioun sinn no der Opposition formelle vun Statsrot elo am Gesetz festgehalten an och preziséiert ginn. Ech